



Photo: Tshumbe, RDC, 2022 - Manuela visite l'école primaire de l'ONG "Un Avenir pour Tshumbe"

Organisation non gouvernementale (ONG) agréée par le Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire



Bulletin 2/2 de novembre 2022

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 Fax: 23 67 63 75 www.amu.lu office@amu.lu

Léif Frënn vun der AMU,

Am Oktober 1992, also virun 30 Joer, ass d'Action pour un Monde Uni gegrënnt ginn. Säit 1993 huet d'AMU den Agrément fir Kooperatiounsprojet'en ëmzesetzen an zesummenaarbecht mat eisem Ministère. Dëst ass eng laang Zäit an et kann een sech d'Fro stelle wat dat fiert d'AMU bedeit a wat doraus entstanen ass. Virun allem waren et deemools wéi haut immens motivéiert Leit, déi sech zesumme fonnt hunn an sech als Zil gesat hunn fir Leit, Famillen a Partner an anere Länner, deenen et net esou gutt geet, ze ënnerstëtzen. Et geet der AMU drëm fir eppes géint d'Ongläichheet ze maachen an de Leit hir Dignitéit am Liewen, och wann et nëmmen e Stéck ass, zréck ze ginn.

Virun allem beandroockt mech d'Konstanz vun der Equipe vun der AMU. Jiddereen ass sech bewosst, dass eng Memberschaft am Comité keng Saach vun 2 - 3 Joer ass. Déi meescht sinn an dësem Engagement säit iwwer 15, jo souguer iwwer 20 Joer. Dëst ass beandroockend an ech sinn der Meenung, dass dat vill zu der Stärkt vun der AMU bäidréit. Mir hunn awer och nei Leit an eise Reien déi lescht Joren opgeholl, déi sech sécher mat der gläicher Iddi a Motivatioun engagieren.

Och fir eis Partner ass et wichteg ze spieren, dass eng Kontinuitéit do ass. Nëmme esou kënnen laangfristeg Partnerschaften entstoën. Mir kennen eis Partner an eise Projet'en a mir gesinn eisen Engagement net mat enger kuerzfristeger Visioun. Dëst gétt eise Partner Sécherheet an et huet sech Vertrauen opgebaut iwwer all déi Joer.

E ganz gutt Beispill hefir ass eise Partner an Haiti. 2006 hu mir eng éischt Schoul zu Mont-Organisé am Norde vun Haiti ausgebaut. Entretemps sinn 3 Schoule gebaut an e landwirtschaftleche Projet ëmgëtt ginn. Dëst Joer fänke mir eng weider zesummenaarbecht mat de Bauere vu Mont-Organisé un, wéi dir an dësem Bulletin liese kënnt.

Net ze vergiesse sinn awer déi onzieleg Leit déi d'AMU säit esou laanger Zäit ënnerstëtzen. Ouni finanziell Ënnerstëtzung wieren all dës Projet'en an Aktivitéiten net ëmsetzbar gewiescht.

Dëst Joer hu mir eis op eisen neien Accord-Cadre mam Ministère konzentréiert. Dëst bedeit awer net, dass mir vergiess hunn, dass 30 Joer och e Grond sinn, fir e bëssen ze feieren. Mir wäerten iech mat Zäit informéiere wéi a wou mir eis dat nächst Joer gesi fir di lescht 30 Joer en Revue passieren ze loossen an e Patt zesummen ze drénken.

Merci iech all!

Claude Steichen

Gestionnaire de projets

... Mäin Volontariat a Bolivien



Ech wëll mech eng Kéier kuerz virstellen: Ech heesche Pit Fries an am Numm vun der AMU maachen ech säit dem 2. Abrëll e Volontariat an der „Casa de los Niños“ zu Cochabamba a Bolivien. Dës Organisatioun, gegrënnt 2008, huet am Laf vun der Zäit hir eege Communautéit „Arco Iris“ opgebaut a leed säit 2010 hir eege Schoul. Et ass eng kleng Schoul mat 193 Kanner vun der Spillschoul, iwwert d'Primärschoul bis an dat 9. Schouljoer vum Lycée.

Wéi ech a Bolivien ukomm si war mäin spuenesche Wuertschatz wierklech kleng an dofir hunn ech mech entscheet mat deene kleng Kanner ze schaffen. Ech konnt mech gutt integréieren an der 1. an 2. Klass a séier meng Sproochekenntnisser erweideren. Ee Saz dee mir wierklech gehollef huet a mir Kraaft ginn huet fir mat de Kanner ze schaffen, mat deenen ech mech am Ufank net wierklech gutt verstännege konnt, war: „La sonrisa es el lenguaje de todos los niños del mundo“ - „E Laachen ass d'Sprooch vun alle Kanner op der Welt“. Dëst sollt bedeiten datt sou laang ech de Kanner mat engem Laachen entgéint trieden si mech verstoën an akzeptéiere wäerten. No 6 Méint kann ech behaupten datt ech mech wierklech gutt agelieft hunn. Ech schaffen nach ëmmer haaptsächlech mat menger 1. an 2. Klass vun der Primärschoul a sinn e sougenannte „Assistance Schoulmeeschter“. Ech hëllef mat d'Kanner an der Klass bei hiren Aufgaben ze betrieen a plangen déi verschidden Aktivitéite mat.

Nieft menger Haaptbeschäftigung fir d'„Casa de los Niños“ engagéieren ech mech och nach all Weekend fräiwëlleg bei „Chicos de la Calle“. Hei treffen sech haaptsächlech Jugendlecher, ëmmer fräiwëlleg op engem Freiden. All zesumme kache mir da fir d'Leit vun der Strooss. Dëst lesse gi mir dono an d'Stad ausdeelen. Fir dass mir net mat engem risege Kachdëppen duerch d'Stad lafe mussen, fuere mir mat engem Minibus fir 10-20 Leit déi verschidde Plazen an der Stad un wou sech Leit oni fest Doheem ophalen. Dobäi handelt et sech meeschtens ëm Familljen aus de rurale Gebieter déi fir eng Zäit an d'Stad komme fir Geld ze verdéngen a sech dowéinst keng Wunneng leeschte kënnen, ëm Mënschen déi aus politeschen oder finanzielle Grënn op der Strooss gelant sinn an/oder och ëm e groussen Deel vun Drogen-ofhängegen.




Beim Pit an der Klass

Wann ech mech selwer froen, ob et elo réckbléckend schwéier war mech anzeliwen oder ob ech hei hanne gutt eens ginn, dann treffen déi zwou Realitéite gutt zou. Wann ech éierlech sinn, dann hat ech am Ufank meng Schwieregkeete mat deenen ech zu engem gewëssen Deel iwverfuert war. Et ass einfach alles aneschtens wéi a menger Heemecht: den ëffentlechen Transport, d'Währung, d'Sprooch, d'lessen, d'Geschäfte, d'Kultur an nach villes méi. Et huet seng Zäit gedauert, mee no ongeféier zwee Méint hat ech mäin Alldag opgebaut an e groussen Deel vun dësen Erausfuertunge gemeeschtert. Elo liewen ech säit engem hallwe Joer zu Cochabamba an ech ka vu mir selwer behaupten dat ech mech gutt agelieft hunn: ech hu mir e gesond Privat- an Aarbeschtsëmfeld opgebaut, mäi Spuenesch verbessert an ech ka behaupten, dat wann ech duerch d'Stroosse ginn d'Leit mech schonn sou lues all beim Numm kennen.

Pit Fries



... Une sécheresse sans précédent au Kenya - projet d'urgence



Déjà lors de notre visite au Kenya en décembre 2021, ce fleuve ne portait plus d'eau. Depuis, la situation ne s'est qu'aggravée menaçant aujourd'hui la survie de 4 millions de Kenyans et de leur bétail.

Localisation
région Mukogondo East Ward,
Comté de Laikipia au Kenya

Une sécheresse pluri-saisonnière touche depuis quatre ans l'est de la Corne de l'Afrique dont notre pays partenaire, le Kenya. Cette sécheresse a été déclarée une catastrophe naturelle, la pire depuis 40 ans. Au cours des trois dernières années, le Kenya n'a reçu aucune pluie dans la majeure partie du pays. Les populations touchées par la sécheresse ont subi des chocs consécutifs depuis 2016, tels qu'une sécheresse pluriannuelle suivie par des inondations, le COVID-19, une invasion de criquets pèlerins en 2020 et une forte inflation en 2022.



Les gens ont perdu la majorité de leurs bétails

Lokusero des produits de première nécessité (denrées alimentaires, eau potable et fourrage pour le bétail). Cette aide va permettre de sauver des vies humaines et d'alléger les souffrances des victimes. Un programme de nutrition scolaire dans 10 écoles de la région Mukogondo va compléter ces activités, en offrant un repas à midi à tous les élèves, en distribuant des brosses à dents et du dentifrice aux élèves et des serviettes hygiéniques aux filles. Un programme de vermifugation des élèves est également prévu. Les distributions se feront dans des endroits sécurisés comme à l'école primaire de Lokusero où il n'y a pas de risque d'exploitation et d'abus pour les élèves et les familles. Nous avons également prévu de fournir un soutien aux victimes à travers l'éducation et l'appui psycho-social.

Afin d'augmenter la résilience des personnes affectées et de les aider à rétablir leurs conditions de vie avant la sécheresse, le projet prévoit la distribution de bétail (vaches et chèvres), de semences et d'engrais avant la prochaine saison de pluie.

Ce projet d'urgence est réalisé en cofinancement avec le MAEE – Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire.

Jean Jaeger



Budget du projet : 149.433,00 €
Part MAEE : 134.489,70 €
Part AMU: 14.943,30 €

Contact Action pour un Monde Uni

Siège Social/Bureau
11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél: 26 67 12 61 - office@amu.lu - www.amu.lu
www.facebook.com/ActionpourunMondeUni
www.instagram.com/ActionpourunMondeUni

Le conseil d'administration

Claude Metz (président), Bechara Ziadé (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Christiane Stein, Marianne Harpes, Carmen Steichen, Tom Steichen (membres)

Jil Streber et Claude Steichen
(gestionnaires de projets)

En 2021, le nord-ouest du Kenya a connu les conditions les plus sèches et les températures les plus élevées depuis 1981. L'effet combiné des températures élevées et des précipitations inférieures à la moyenne a aggravé l'impact sur la végétation, les pâturages et les ressources en eau. On estime que, rien qu'au Kenya, 4 millions de personnes seront confrontées à une insécurité alimentaire aiguë et auront besoin d'une aide humanitaire étendue durant les prochains mois. Cette sécheresse touche les 23 comtés des terres arides et semi-arides (ASAL) du Kenya.

Ensemble avec notre partenaire local ACCREDO (African Centre for Community Resilience, Empowerment and Development), nous envisageons de fournir aux ménages vivant aux alentours de l'école primaire de

Ënnerwee am Kongo

Et war 2015 während mengem Studium op der Uni Wien wéi ech d'Manuela Erber, eng jonk Éisträicherin vu St. Johann im Tirol, kenne geléiert hunn. Mat 19 Joer huet hatt d'ONG "Zukunft für Tshumbe" 2012 zu Tshumbe an der Provënz Sankuru an der Demokratescher Republik Kongo gegrënnt. Séier stoung fir mech deemools fest dass ech mech als Volontaire bei dëser Organisatioun géif engagéieren. Déi lokal ONG "Un Avenir pour Tshumbe" ënnerstëtzt haut knapp 400 Kanner an huet 80 lokal Mataarbechter beschäftegt. Mäin Openthalt am Kongo 2015 war eng Erfahrung déi meng Wäerter a Liewensstellung nodréiglech verännert huet.

Am neien Accord-Cadre hu mir elo e Projet mat der ONG "Un Avenir pour Tshumbe" gestart. Hei geet et ëm de Bau vun enger Maternité a Pédiatrie. Fir eis Projeten ze suivéiere war ech am September 2022 am Kongo. Dëst war fir mech déi véiert Kéier am Kongo a fir d'drëtt zu Tshumbe. De Kongo leit mir opgrond vun dësen Erfahrung vum 2015 besonnesch um Häerz, dass ech dës kéier mat mengem Partner dem Luca konnt heihinner reesen an him weise wouvunner ech am Alldag oft schwätzen huet mir eng grouss Freed gemaach.

Wéi vill vun iech wëssen huet d'AMU 2016 eng Maternité a Pédiatrie an der ronn 1.000 km wäit entfernter Hauptstadt Kinshasa ageweit, zesumme mat eisem Partner AECOM (Association pour l'économie de communion). D'Maternité, geleet vum Dr. Arthur Ngoy, leeft haut nach ëmmer immens gutt wéi mir bei eiser Visitt nees konnte feststellen. Och dem Dr. Arthur läit déi geplangte Klinik zu Tshumbe um Häerz. Am Kongo wëssen se genee dass d'Situatiounen am Banneland oft katastrophal sinn. Tshumbe ass en Duerf vun circa 40.000 Awunner wat ganz ofgeleeë läit. Den Dr. Arthur huet dem aktuell klengen centre de santé "Waale Waana" vun eiser Partner ONG zu Tshumbe scho mat Weiderbildungen a Material ënnert d'Äerm gegräff. Och schafft den Dr. Arthur deels um Gesondheitsministère zu Kinshasa an hëlleft der Organisatioun déi néideg Pabeieren an d'Rei ze kréien. Hei ass eng immens wichteg a flott Kollaboratioun entstanen tëschent eisen zwee lokale Partner.

Zu Tshumbe ware mir eis déi verschiddenst "centre de santé" esou wéi d'Klinik ukucke fir eis e Bild vun der medezinescher Situatioun ze maachen: d'Infrastruktur ass meeschtens ganz schlecht ausgebaut, et feelt u Material (oft ass net mol eng Wo oder en Thermometer disponibel), d'Personal ass schlecht ausgebild an d'Hygiène ass oft miserabel. D'Besoine sinn enorm a mir sinn immens frou dass dës wichtege Projet gestart ginn ass an de Bau lancéiert ass. Um Bau leeft alles manuell an dat ass impressionant nozekucken, zu Tshumbe gëtt et nämlech keen Elektresch, kee fléissend Waasser, keen asphaltéiert Stroossenetz, etc.



De Luca mat de Kanner aus der Primärschoul vun Tshumbe



En Deel vum Bau vun der Klinik "Waale Waana" zu Tshumbe



Jil mam Manuela a sengem Meedchen Elodie



Den aktuellen centre de santé "Waale Waana"



Op Besuch beim Dr Arthur Ngoy



Primärschoul "Petite Flamme Mikondo" zu Kinshasa

Zu Kinshasa hu mir déi 2 Schoule besicht vun eisem Partner AECOM déi d'AMU an deenen nächste Joren ënnerstëtzt. Geplangt ass de Bau vu jeeweils 2 Klassenäll an 2 verschiddene Primärschoulen. Dës leien a Quartiere bësse méi um Rand vun der chaotescher 15 Milliounen Hauptstadt. Och hei sinn d'Besoine grouss wat ee schonn eleng un der Unzuel u Kanner gesäit déi sech deels ee Klassenäll deelen (bis zu 65 Schüler).

Dës Weideren hu mir zu Kinshasa e medezinesche Formatiounsprojet lafe mat AECOM, vun deem net nëmmen eis Partner zu Tshumbe profitéiere mee och eng ganz Réi aner medezinesch Arichtungen zu Kinshasa sou wéi eis Partnerklinik vum Dr. Arthur. Verschiddenst Formatiounen an diverse medezinesche mee och administrative Beräicher sinn hei iwwert déi nächst Jore geplangt. Leider ass de Beräich vun de Weiderbildungen een deen oft iwwersi gëtt. Zu Tshumbe beispillsweis gëtt et just een Dokter dee weess wéi een en Ultraschall mëcht. Et geet net duer eng Klinik ze bauen an d'Équipement ze kafen, dat wichtegst ass qualifizéiert Personal ze hunn wat besonnesch am medezinesche Beräich, deen sech nonstop weider entwéckelt, ëmmer nees weider forméiert muss ginn.

Et waren 2 Woche voller Programm a voller Impressiounen. Nodeems ech iwwert 3 Joer Covid bedéngt net méi am Kongo war huet sech hei sou munches gedoen. Allgemeng huet d'Regierung vill gemaach fir d'Korruptioun besonnesch ënnert Policebeamten ze bekämpfen, dëst spiert een däitlech am Alldag. Zu Tshumbe hunn ëmmer méi Leit kleng Solarpanneae fir Elektresch wat mat sech bréngt dass méi Leit en Handy hunn. Souguer e bësse Internet, zumindest an der Nuecht, fënnt ee mëttlerweil hei. Och eis Partner hunn sech vill weider entwéckelt a vill Aktivitéiten um Lafen. Fir mech ass et da besonnesch schéin déi Kanner a Mataarbechter déi ech vu mengem Volontariat 2015 a mengem klengen Openthalt 2018 perséinlech kennen erëm ze gesinn. Wat sinn déi kleng Spillschoulskanner vun 2015 mëttlerweil grouss ginn!

Mat ganz positiven Andréck si mir heem komm a freeën eis drop weider ze suivéiere wéi des Projeten sech entwéckele wäerten.

Jil Streber

Educatiounsprojet Kinshasa
Budget : 100.000,34 €
Part MAEE: 80.000,27 €
Part AMU: 20.000,07 €

Formatiounsprojet Kinshasa
Budget : 100.001,00 €
Part MAEE: 80.000,80 €
Part AMU: 20.000,20 €

Santésprojet Tshumbe
Budget : 215.006,00 €
Part MAEE: 172.004,80 €
Part AMU : 43.001,20 €



... Nos autres projets cofinancés sous accord-cadre 2022-2026

Pérou (cofin 60%)

Agrandissement et équipement de l'atelier "Chocotejas" afin d'assurer la durabilité du programme de réhabilitation des enfants des rues. Budget 111.326,67 €

Brésil (cofin 60%)

Renforcement des capacités locales et du rôle des agriculteurs familiaux dans la production écologique, la transformation et la commercialisation d'aliments. Budget 319.922,20 €

Argentine (cofin 60%)

Renforcement des associations de la société civile en matière de compétences de gestion technique et financière de projets et création de micro-entreprises. Budget 331.000,19 €

Bolivie (cofin 60%)

Installation d'un système de collecte des eaux de pluie et de jardins écologiques pour la cultivation de légumes. Budget 179.960,00 €

Ouganda (cofin 80%)

Renforcement des capacités du personnel de l'hôpital afin d'offrir un accès à des soins médicaux de qualité et une formation professionnelle aux personnes vulnérables. Budget 261.208,32 €

Kenya (cofin 60%)

Développement de l'école pour enfants "Maasai" située à Lokusero. Budget 147.626,38 €

Tanzanie (cofin 80%)

Sensibilisation et formation pour étudiants en agriculture par le biais d'un jardin agricole de démonstration. Budget 69.906,10 €

Renforcement des femmes grâce à des formations et à l'octroi de micro-crédits. Budget 49.997,20 €

Amélioration des services de santé de l'hôpital de Nyakaiga par des formations du personnel. Budget 189.112,08 €

Développement de l'école secondaire St. Augustine par la construction de plusieurs salles de classe. Budget 199.889,79 €

... AMU soutient le centre "RADOST" pour réfugiés ukrainiens en Slovaquie

Il est pour nous souvent difficile de nous imaginer la situation quand une famille perd sa maison à cause de la guerre et que la femme est forcée de se séparer de son mari et de sa famille pour être en sécurité avec les enfants. Les femmes affrontent la barrière de la langue, cherchent du travail et continuent en même temps d'éduquer les enfants dans un nouveau pays. Elles continuent à assumer leur responsabilité parentale.

Et c'est là que le centre pour mères et enfants "RADOST" en Slovaquie veut apporter une aide.



Au centre RADOST en Slovaquie

Le but est d'adapter le soutien du centre aux besoins des femmes et aux enfants qui fuient la guerre. Le centre organise des réunions avec les mères et les enfants et des visites au cinéma et au musée. Des ateliers de chant et d'apprentissage de la langue sont offerts. De plus, chaque mère peut laisser son enfant pendant 4 heures par jour et s'occuper de ses affaires à régler ou se rendre au travail.

L'équipe de "RADOST" est composée de la responsable du centre Viktoria Bondarenko et de 4 enseignants professionnels qui ont une formation en éducation et une expérience professionnelle dans ce domaine.

Il s'agit d'une équipe très dynamique qui est convaincue de l'importance de soutenir ces femmes et ces enfants en cette période difficile. L'état de ces familles dépend de la santé mentale, émotionnelle et physique des femmes et des mères.



Le centre RADOST

Le soutien est plus nécessaire que jamais ! Les enfants se replient sur eux-mêmes. Les enfants sont au courant de ce qui se passe dans leur pays d'origine et cela ne peut que laisser des traces. Il est souvent difficile de communiquer avec les enfants à cause de la situation difficile,

un nouvel environnement linguistique, une nouvelle école, nouveaux amis, un nouveau logement, etc. Les enfants n'étaient pas prêts pour cela !

Claude Steichen

... Die Rolle der Landwirtschaft in Haiti

Unterstützung der Produktion, Verarbeitung und Vermarktung von landwirtschaftlichen Produkten in der Gemeinde Mont-Organisé (Haiti) durch eine landwirtschaftliche Genossenschaft

Dieses Projekt in Haiti schließt an ein Vorhaben an, welches AMU im Jahr 2018 durchgeführt hat, bei dem eine unabhängige landwirtschaftliche Genossenschaft (CAGPS) gegründet wurde. Das Ziel des aktuellen Projektes ist es, diese Genossenschaft mit 368 Mitgliedern weiter dabei zu unterstützen, ihre landwirtschaftlichen Produkte zu produzieren und zu verarbeiten, sowie neue Verkaufsstrukturen aufzubauen.

Die Landwirtschaft war schon immer einer der wichtigsten Wirtschaftszweige in Haiti, aber das Land ist nicht in der Lage, seine Bevölkerung zu ernähren. So ist man gezwungen, den Hauptteil der benötigten Agrarprodukte zu importieren. Mehr als 40% der Bevölkerung lebt in chronischer Ernährungsunsicherheit. Folglich ist es wichtig den Menschen beim Aufbau und bei der Stärkung von landwirtschaftlichen Strukturen zu helfen.



Die Felder der Genossenschaft CAGPS während unseres letzten Projektes 2018

In der Gemeinde Mont-Organisé im Norden Haitis betreiben die Bauern Subsistenzlandwirtschaft. Sie lassen den größten Teil ihres Landes brach liegen, weil es ihnen an technischem Know-how, Zugang zu hochwertigem Saatgut und Bewässerungsmöglichkeiten mangelt. Anbautechniken sind oft ungeeignet und es fehlt an Wissen über die Bewirtschaftung und Vermarktung von landwirtschaftlichen Produkten. Darüber hinaus haben die Bauern weder Zugang zu staatlichen Subventionen noch zu Agrarkrediten.

Diese Situation hält seit vielen Jahrzehnten an, und die Regierung tut sich schwer anzuerkennen, dass die Entwicklung des Landes auf lokaler Ebene beginnen muss, indem sie den Produzenten die notwendigen Mittel zur Steigerung der landwirtschaftlichen Produktion zur Verfügung stellt. Außerdem verfügt die haitianische Regierung nicht über ein entsprechendes Budget, um den Agrarsektor in Haiti nachhaltig zu entwickeln.



Meist sind die Frauen für die Weiterverarbeitung der Produkte verantwortlich

Unser Projekt wird vor Ort von unserem lokalen Partner PACNE (Action contre la pauvreté du Nord-Est) durchgeführt und sieht folgende Aktivitäten vor:

- Die Bauern der Genossenschaft erhalten praktische und theoretische Ausbildungen im agrar-technischen Anbau (Maniok und Reis) um die Produktion zu steigern.
- Lokale Beratungs- und Unterstützungsstrukturen für Landwirte werden aufgebaut.
- Der Vertrieb der Produkte wird durch den Aufbau solider lokaler Vertriebsstrukturen sowie von Frauennetzwerken in der Region Savanette verbessert.
- Desweiteren will die Genossenschaft die Situation der lokalen Bevölkerung durch verschiedene Dienstleistungen verbessern, wie z.B. den Ausbau der Möglichkeiten um Getreide zu mahlen.



Anbau von Reis - eines der Hauptnahrungsmittel der Region

Gemeinsam mit der deutschen Organisation „Starkmacher e.V.“ wurde dieses Projekt bei „Bengo – Engagement Global“ zur Kofinanzierung eingereicht, es wurde im Juli 2022 angenommen.

Jean Jaeger

Budget des Projekts: 221.279,10 €



Anteil „Bengo - Engagement Global“: 199.151,19 €

Anteil AMU: 22.127,91 €

Comment soutenir nos projets?

Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de

**Action pour un Monde Uni
BIL: LU14 0021 1349 0900 0000
CCP: LU83 1111 1287 6344 0000**

Tous les dons en faveur de nos projets sous accord-cadre et du projet d'urgence sont cofinancés par le MAEE.

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit trimestriellement par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.

Payez mobile avec
payconiq



Faites un don avec votre application mobile Payconiq (1,55% commission HTVA)

Si vous désirez recevoir notre bulletin par email, merci de nous faire un email à office@amu.lu

Conformément au règlement RGPD, AMU tient à vous informer que toutes vos données personnelles sont utilisées strictement pour des besoins internes et qu'elles sont enregistrées pour une durée maximale de 5 ans. Si aucune opération auprès de l'AMU s'effectue durant ces 5 ans, toutes vos données personnelles seront supprimées. Si vous désirez être retirés de notre base de données auparavant, merci de nous informer par email (office@amu.lu).